

D'Welt ass villsäiteg...

Text: Jhemp Hoscheit

Fotoen: Guy Hoffmann

Ech soll e Gespréich mat Kanner maachen, se froen, wat si gär liesen, firwat se liesen oder firwat net. Kann ech dat? Soubal ech an de Klasesall kommen, weess ech, dat kann ech net. Dat wëll ech net. Ech si lo hei. Ech si Schrëftsteller. Ech sinn net vun RTL. Och net vum ILRES. D'Kanner solle mech als Schrëftsteller kenneléieren. Et ass freides, virun der Fuesvakanz. Véier Bouwen – Cycle 3.1. an der Schoul zu Bouneweg/ Rue du Verger – sëtzen am Sall. Si hunn net dierfen an den Haff. Eng Strof. Si waren ze vill aggressiv an der Paus. Si kréie vun enger Léierin an d'Gewësse geriet. Ech si mer lo sécher, datt ech nëmme wäert liesen. Ech stelle keng Froen. 'Nëmmen' liesen? Dat muss lo sinn. Ech kann net anescht. D'Kanner kommen aus der Paus. Ech hunn eelef Nolauschterer. Mä soen eis Moien.

Ech stelle mech vir. Si woussten, datt ech kéim. Wëssen awer net richtig, wat s'erwaart. Ech soen hinnen, si sollen d'Still an en Hallefkrees opstellen. Eras tëscht de Bänken. Ech setze mech an d'Mëtt. Ech wëll sou no wéi méiglech bei hinne sëtzen. Ech muss s'an d'Ae kucken. Jiddereen. Eng Stonn wëll ech lo mat hinnen deelen. Ech weess aus ville Liesungen – an ech hat der Honnerten an de leschte Joren – datt et flott gëtt, fir si a fir mech. E Schrëftsteller? Jo, si wëssen, wat dat ass. Een, dee Bicher schreift. Ech liesen hinnen d'Gedicht aus *Op der Rees* vir, wou d'Déiere krank sinn a bei den Déieren-dokter ginn. Si kennen et aus *Lies a fléi 1*. Si gi mer d'Anthologie sichen. Den Text ass dran. Jo, dat sinn ech. Ech soen hinnen zwou Zeilen – d'Sätz oder besser d'Versen – a si soe mer de Reim am zweete Vers. Dat klappt wonnerbar.

Sprooch ass och Klang a Melodie

Da kënnt d'Stroph mam Kéiseker. Si kennen d'Wuert net. Egal. Den 'Igel' ass um Bild. Ech si virwëtzeg – awer e kleng Reporter? – a froen, wësst der, wéi eng Ameis heescht. Ee weess et: Seechomes! Okay! Ech liesen hinnen d'Gedicht vir, wou de Kuchendeeg sech an e Kuchendinosaurier verwandelt a weisen

hinnen d'Biller. Si ziele mer d'Séissegkeeten op, déi vum Himmel falen, wann de Kuchendino platzt.

Déi Blécker! Esou virwëtzeg!

D'Onrou (aus der Paus?) ass verschwonnen. Et si Strophe mat véier Versen. Ech weise mat Hëllef vu véier Fangeren, datt d'Gedicht sech extra reimt. Ech widderhuelen déi zweet Stroph a betounen déi véier Reimer (a b a b). Si weisen op meng Fangeren: déi éischt Zeil – *Stären* – reimt mat der drëtter – *erklären* –, déi zweet – *Kopp* – mat der véierter – *op*. Si soen, et wär schwéier, ëmmer dat richtegt Wuert ze fannen. Ech soen, dat mécht d'Reimen eréischt flott. Ech muss soulaang sichen, bis ech dat richtegt Wuert fonnt hunn. Do brauch ee Gedold. E Meedche seet, wann eppes reimt, da sinn d'Wieder bal d'selwecht um Schluss. Tipp-toppp! Ech widderhuelen d'Stroph, an e puer Kanner kënne mer d'Reimer soen.

Ech liesen hinnen d'Geschicht vum Zebra vir, dat seng Kleeder mat engem Leopard tauscht. Ech weisen hinnen déi vum Michel Demart gemoolte komesch Déierekreaturen: d'Hiem vum Zebra – *Ze* – mat der Box vum Leopard – *pard* – an dann d'Hiem vum Leopard – *Leo* – mat der Box vum Zebra – *bra*. Ech klappe bei de Silbentrennungen an d'Hänn. Da kréie mer en Zepard... an e Leobra.

Mä probéieren et mat aneren Déieren. Si solle mer zwee Déiere soen, am beschten Nimm mat zwou Silben... *Wëld-schwäin*... an *Nas-horn*... Dat gëtt – no bëssi lwwerleeës – e Wëldhorn... an en Nasschwäin...

Sprooch ass och Spill a Spillerei. Buschtawe verréckelen... Wieder veränneren... Nei Wieder erfannen...

Da liesen ech hinnen en Deel aus *Dem Eppes* vir – eng Geschicht, an där zwou Feldmais e Spillroboter an der Wiss fannen an e mat heemhuelen – an zwar deen Auschnëtt, wéi den Eppes d'Maus aus dem Waasser rett, well e sech drun erënnert, datt fréier säin Aarm méi laang konnt ginn.



Wann aus dem Deeg e Kuchendinosaurier gëtt



Duerno kënnt d'Geschicht vum Ritter aus dem *Zodi am Schatofor* un d'Rei, dee Ritter, dee pupe muss. E puer wëssen, wéi een zum Ritter geschloe gëtt. Si weise mer et, leeën den Aarm op d'Schëlleren. Et ass sou eng sympathesch Opmierksamkeet; spaasseg Blécker; Aen, déi glënneren. Kee lenkt deen aneren of. Ech sinn de 'Märchersmonni', de Geschichtenerzieler, de Wiederjongleur. Op Besuch.

Ech weisen hinnen dann, wéi e Buch entsteet. Ech hunn den um PC getippten Text an déi éischt faarweg geprinten Zeechnungen – vum Carlo Schneider – vu mengem neie Kannerbuch – *De Schmunzel* – matbruecht a weisen hinnen d'Viraarbecht. Ech soen, si wäeren déi éischt Kanner, déi vun der Geschicht géifen héieren, versprechen hinnen, ech kommen nees an hir Klass, wann d'Buch fäerdeg ass. O! Si gi mer nei Nimm fir de Kussmond vum *Schmunzel*, de Meteorit, deen am Bësch bei den Déiere gelant ass... de Fotograf: E *Schmatzi*... E Bouf: *Um beijo*. Am Text steet *Bisou a Bussi*. Ech iwwerleeën, ob ech déi nei Wiederasetze soll... Dat ass awer vill Aarbecht!, seet e Bouf. Jo! ech muss den Text e puermol verbessern. Dofir weisen ech hinnen déi puer Versioune mat den Ännerungen, an och d'Bläistëftsskizzen an e puer fäerdeg Biller: well de Meteorit reagiert lues a lues...

mat Smileyen, well en dat aus senger fréierer Heemecht, dem Kosmos, kennt – kosmesch komesch! E Bouf seet, dat wäeren *Emojis*, wéinst deem Film, deen hie sou gär kuckt.

Ech weisen hinnen nach meng laang Flaatsch aus siwen uneneegepechten DIN A4-Blieder: mäi Plang vun engem Roman. Alles mat der Hand geschriwwen. Numeréiert Kapiteln; Kolonne fir eng kuerz Beschreibung vun der Handlung, d'Persounen – verschidde Faarwen – an d'Plazen, wou sech d'Zeene ofspillen, asw. Zerschnëppelt an anescht gepecht, wann ech d'Kapitele gewieselt hunn.

Neen, dat kann de Computer net!

Ech erklären hinnen dann déi Saach mam Drock, dem Bannen, dem Pabeierschneiden, dem Buchdeckel, asw... Op eemol schellt et. E Bouf seet: Wat! Schonn eng Stonn eriwuer! Mä son eis Awuar.

Ech wär nach sou gär bliwwen. Eng Stonn geet net duer. Lo nach molen, reimen, erzielen, Wieder verdréinen, asw... Si hunn Turnen. Sport. Okay!

Ech setzen am Auto. Firwat ginn ech lo nodenklech? Ech denken un d'Wichtigkeet vu sou Schoulliesunge fir Kanner. Fir Kanner, déi ni doheem virgelies kréien. Fir Kanner, vun

deene mer d'Schouljoffer an der Paus sot, datt se ze vill ofgelenkt ginn. Ech weess, wat se gemengt huet. Ech denken un déi zwou Koppelen mat hire Kanner sonndes am Restaurant. Déi eng Koppel wëll net méi matgoen, well där anerer Koppel hir Kanner iwwer Dësch nëmmen um iPad spillen. Déi aner Kanner wëilten och gär hiren iPad. Ech gesinn am Restaurant e Schëld hänken: *Hei dāerfen d'Kanner nach mat den Eltere schwätzen. Oder d'Kanner mat den Elteren. Oder d'Kanner ënner sech*. Et gëtt sou vill z'erzielen no enger Woch. Jo, mee si erziele schonn ze vill owes? Wéi? Ma wa s'aus der Schoul kommen! Asou! Ech sinn dann ze midd, fir nozelauscheren. A!... Wéi wär et da mat engem Buch?... Ech muss un de Papp am Restaurant denken, deen niewent sengem Bouf setzt, dee säin iPad an zwou Hänn hält, de Kapp iwwrem vollen Teller... an de Papp niewendrun... dee fiddert säi Bouf...

Wéi al war d'Kand? Dräi Joer? Huet et iwwerhaupt nach Freed mat engem Buch?, fron ech mech. Um Pabeier wibbeltblénktliichtglënnert näischt. Néierens e Knäppchen, fir drop ze drécken. E Panneau doheem? *Hei dāerf och gelies ginn!*

O! Ech sollt dach e Gespréich mat Kanner maachen, froen, wat si gär liesen, firwat se liesen oder firwat net... Ech kennen e puer Grënn, firwat d'Buch net méi sou attraktiv ass. Wat gouf net alles schonn driwwer gesot a geschriwwen! A gëtt nach...

O! wat kann e Buch net alles!

Bicher sinn dach Luppen, Spektiven, Teleskopen. Bicher schléisse keen aus, si rappe Barriären of, kenne keng Grenzen, spären op wéi Schlüsselen a maachen opmierksam op d'Welt an driwwer eraus. Si stëppelen de Virwëtz, ouni deen et kee Stéck virugeet. An enger Zäit, wou e raue Wand bléist, deet et besonnesch gutt, säi Kapp mat engem Buch ze léften. D'Schrëftsteller kënne fir eng gemittlech Léftche suergen. Och mol fir e staarke Wandstouss. D'Welt ass villsäiteg. En Ecran, en Tablet, e Smartphone si flaach, do rëtscht een nëmmen driwwer. Mat den Aen. A mat de Fangeren, fir ze vergrësseren. Dat geet net an d'Déift. Net op de Fong. Alles ass sou wibbeleg a sou hektesch a sou iwwerflächlech. E Buch geet net nëmmen an d'Déift, och an d'Breet, an d'Héicht. All Buch ass eng *Decouverte. Dé-couvrir*. Opdecken! Kucken, wat dran oder drënner verstoppt ass. Entdecken. Fantasie! A Schreiwen ass fir mech Kino am Kapp. Ech erziele mer mat Wieder eng Geschicht am Kapp. A wann ech op Schoulliesunge ginn, wëll ech déi Geschichte mat de Kanner deelen... An dat Schéinst ass: d'Kanner kënnen nach nolauscheren. Si brauchen net nëmme Biller. Si brauche Geschichte fir ze liesen oder virgelies ze kréien. Ech denken un de Kanner aus der Klass hir Aen, déi geglënnert hunn an déi gespëtztten Oueren. En Erlefnis... fir si a fir mech! ♦

Klinge Krees ... grouse Virwëtz

